

Neit Schoulgesetz... no 95 Joer!

Dir huet jo vläicht och ewell héieren oder gelies, datt **en neit Schoulgesetz fir de 'Primaire' an der Maach** ass. Et ass net vu Muttwél: dat éischt no 95 Joer an dat drétt no ronn 125!

Vrum 1. Weltkrich war (1912) décke Buttek wéinst dem Schoulgesetz an der Chamber. Mä dat war net wéinst eiser Sprooch, déi ower deemools fir d'alleréischte Kéier an engem Gesetz ernimmt ginn ass; de 'Lénksblock' an 'd'Droite' si wéinst ideologesche Säiten hannerenee geroden... an dat huet sech och net ginn, bis eis gutt an intelligent Grande-Duchesse Charlotte 1919 op den Troun komm ass.

Am Schoulgesetz vun 1912 stong dann, datt d'Lëtzebuergesch am 'Primaire' um Programm ze stoen hätt, an zwar énnert deem **feier-**

lechen Titel 'langue et littérature luxembourgeoises'. Ass dat dann näischt?! Et war (an et ass) net fir sech ze bretzen. Firwat? Mä hei ass da ganz kuerz, wat geschitt ass: De Professor Nik. Welter (*1871) krut d'Commande fir e Schoulbuch fir dat neit Fach auszeschaffen. Den Här Welter war wierklech e Spezialist an hat ewell Joere virdrun e ganz intressant Buch iwwer eis Sprooch an hir Literatur erausginn; fir **d'Schreifweis vum neie Buch** huet hien de Professor René Engelmann mat bäigeholl. D'Buch krut als Titel **'das Luxemburgische und sein Schrifttum'**. Et sollt als Schoulbuch eng Carrière maachen, déi mat Sécherheet absolute Weltrekord ass! Bis 1946 huet et duerch de 'Primaire' geegeschtert, a fir déi iewescht Schoulmeeschtesch-Räng war et nach bis 1968 um Programm... 54 Joer 'am Déngscht'. Eng keng Quiz-Fro!

Bal dräi Generatiounen haten also mat deem Buch ze dinn... deemno ass och dräi Generatiounen näischt anescht geschitt! Mir kruten zwar an den 20er Joeren eng Dictionnaires-Commissioun, an den 30er ass eng Sectioun fir eis Sprooch am 'Institut grand-ducal' bäikomm, mä **nullkommanäischt fir d'Lëtzebuergesch an der Schoul**. Gelungenerweis huet deemools, a bis 1946, keen sech un der Schreifweis 'Welter-Engelman' gestéiert. Jiddereen huet se 'normal' fonnt a geschriwwen; am Krich sinn Dausende vu Bréiwen – mat hirem Verlaangeren, der Roserei, dem Leed – an déser Orthographie hin an hier gaang... an si hunn den Nazien der esouguer gespilt, well déi näischt verstan hunn!



Wat hat si also verbrach, datt den Unterrechtsminister vun 1946, des Schreifweis an de Papeierkuerf gehäit huet. War se zevill 'preisesch', Eefällegkeet! Do hätt d'Saach sech mat en etleche klenge Kniewwelen an d'Rei maache gelooss. Et ware privat Reiwereien, déi ech hei net nach eng Kéier wëll auserneendinn, well ech dat ewell däereg genuch dohinner gebass kritt hunn. D'Resultat vun deem ganze Gedéngels war ower, datt **eis Sprooch an der Schoul praktesch op den Nullpunkt**

komm ass. An engem décke Buchdrullles Aarbecht, déi ech mir iwwer d'Entwécklung vun eiser Sprooch vun 1945 bis haut op de Leescht geholl hunn, kommen ech natierlech net dolaanscht, d'Wouerecht ze schreiwen. Nëmme d'Wouerecht! Do kënt 'de Wouer' dann op ganz 'wëssenschaftleche Ballerine' mat logesche Bewäiser, Photoen a Copie gedänzelt, datt 'd'Luxemburgistik' iwwer d'Evolutioun vun deem 'dialecte qui a réussi' sech och op der UniLu d'Gickelcher muss reiwen. Natierlech kritt eis Sprooch an der Schoul an deem Buch och hir Plaz, ower net nëmme do!

Abeejo!

Eis Petrollsfrënn zu Dubai bauen sech Haipercher... 600 Meter héich! Dat sief hinne vergonnt, well ouni eis Bensins-Dubbele gengen si Sandkichelcher baken a mam Kickes am schwaarze-schmierege Schmorri sätzen... d'ganz Welt mécht also do **e gutt Wierk :-)**.

Wësst dir da wéi si dat héichst Gebai elo do énnen nennen? **Burj Dubai!** An dat heescht iwwersat 'Tuerm vun Dubai'. Domat si mir bei der Explikatioun vum Numm vun eise Land an der Stad: Lëtzebuerg! **'Buerg' ass en Tuerm**, och am Griecheschen ('purgos'), an deen Ausdrock guff och bäibehal, wéi nach Gemaier drugebaut ginn ass. Dat 'Lützel(burg)' ass och hei bei äis soss näischt gewiescht ewéi en Aussichtsturm, dee virbäi ('lützel' um Fëschmaart, Géigend 'Schéieschlach') stong an duerno ausgebaut ginn ass. Wat gëtt et ower Saachen, gelldir. Dat huet zwar spezifesch net e sëllege vill mat eiser Sprooch ze dinn, mä e Mäifelche sougenannt 'Etymologie' a Geschicht ass och net iwwer fir eis Identitéit.

Puch dat ewech!

Mir hu ganz vill **Ausdréck, déi aus anere Sproche kommen, ower dacks gi mir deene Wieder en anere Sënn**. Déi Stack-Staadter sinn apaart houfreg op hirt 'puchen'... et kënt vum Spuenesche 'pujar'. 'Werfen' ass natierlech pur Däitsch, och wa mir et énnen anere Formen am Skandinaveschen oder Nidderlännesche 'werpen' begéinen. Da soe mir einfach 'geheien', gelldir... a gebrauchen domat en hollännescht Verb: gooien! Intressant oder net?

Wat am Hollänneschen nëmme e 'Mouvement' ass, krut bei äis ower och nach aner Bedeitungen: *De Jang huet sech vill 'gehäit'*, dat huet jo net onbedengt mat 'werfen' ze dinn; *'hie war vill mat senge Kanner 'gehäit' aplaz 'geplot'*, ass 'semantesch' erëm anescht... hei ass en typeschen Zock vum Lëtzebuergesch, esou wéi eist 'séier' näischt mam däitsche 'sehr' ze dinn huet, mä nëmme mat Vitesse... dofir ass z. B. dat 'schnell' vun deer 'anerer Sait' komplett iwwerflësseg! ■ H.M.

Maacht emol mat

Dee war ower *dëslescht esou stauteg, datt e bal gebascht ass; hien huet an engem Stéck déckgehal, dunn hunn ech him et emol zerguttst lafe gelooss*... da sot emol engem Däitschen dat zu Essen... dee kuckt ewéi e Moundkällefchen, well hie mengt, hie misst et verstoen, kann ower glat näischt domat ufänken. «Na eben: das ist nun mal Luxemburgisch!»

En anert Beispill: *Hien ass net gewinnt an net gezillt, ergrämt op all Kabes, geheit alles ewech a stiicht der, datt d'Dronkenellen (d'Grujelen) engem ausginn. Wéi wier et, wann dir emol selwer esou Sätz gengt probéieren?* Mam «EISES...» kann een dat 'spilles' maachen. ■ MV

vum Lex Roth



(PHOTO: TEDDY JAANS)

Ceterum censeo... (15)

«En quête de cohésion» hunn déi Häre Minister François Biltgen a Journalist Marc Glesener e ganz intressant Bichelchen iwwer d'Zesummewuessen, d'Beienneenhalen an d'Zukunft vun eise Land genannt. Wat do vun interessante Gedanken dran auserneegedunn ass, kann een nëmme jidferengem an de Grapp drécke fir nozedenken. Do geet et net nëmme ëm de 'boren Dalles' a materiell/finanziell Iwwerleeungen. Eis Sprooch huet hir Plaz och. Souguer eng ganz wichteg Plaz! Déi Häre genéieren sech net, fir ze soen, datt **d'Lëtzebuergesch en Hauptstéck vun eiser Identitéit an domat och vun der Integratioun vun auslännesche Matbierger**, deemno vu 'Cohésioun' ass... dir Hären: dir huet e Gielche verdéngt!

Mir fannen, datt dat Heftchen do e ganz wichtige Steen bei der **Argumentatioun ass, fir eis Sprooch mat eran an d'Constitutioun** vum Land ze kréien. Mir kënnen äis och virstellen, datt déi Häre Biltgen a Glesener dann op eiser Sait stinn, wa mir bei der Constitutiouns-Commissioun an der Chamber zu Kräiz kréichen, fir datt d'Lëtzebuergesch als 'langue du Grand-Duché de Luxembourg' oder 'langue identitaire' an d'Verfassung gesat gëtt. Här Biltgen, mat all Respekt: Maacht dem Här Juncker an den Deputéierten aus der Commissioun en Ouer domat! Merci. ■ L.R.

«EISES 100 %, 80 %, 50 %...»

Mir missten äis emol endlech an zerguttst **bewosst ginn, datt eis Sprooch net esou aarm ass wéi mir selwer sprooch-aarm sinn**. Do geet et ower net duer, datt deen een oder aneren e Wuert kennt, mat deem hien sech opbléist, well déi aner dat net wëssen. Doru bleift d'Lëtzebuergesch net hänken; a mat e puer 'speziellen' Ausdréck vun hei oder do gëtt et och net gerett. Iwregens brauch et net gerett ze ginn, esou wäit ass et ee Gléck nach net. Mir sollen äis nëmme, ouni iwwerdrivwene Äifer oder esouguer Fanatismus, froen, ob mir wëllen en zerguttst Lëtzebuergesch oder e verladert 'Fernsehdaitsch' gebrauchen. Dat geet vill besser wéi déi eng mengen... an anerer (Anti-Puristen) wéischt behaupten.

Et ass net alles 'al, vergreezt, museal' wat mir net an eise normale Gespréich hunn... mä et verblatzt, wa mir et muttwëlles an de Motz-Eck stellen. Wien sech éierlech e bëssen domat wëllt ofginn, dee kann dat wonnerbar an eise Buch 'EISES 100 %, 90 %, 50 %...' maachen. Et huet 175 Säiten, ower et ass kee Buch fir einfach ze liesen; et ass och keen Dictionnaire mat fäerdegem Iwwersetzungen an d'Däitsch oder d'Franséisch, mä dir kënt iech (an anerer) wierklech domat paff maachen an esouguer ameséieren. **Natierlech gëllt dat besonnesch och fir d'Schoul**, wou jidfer Léierpersoun dra schaffe kann, fir intressant Stonnen am Lëtzebuergesch ze maachen. Dir kritt et a jidfer éierbarem Bicherbuttek (oder op enge vun eisen Adressen hei uewen)... **fir nëmme 15 €**... am Präissverglach: eng Portioun Mullen! ■ AL

duebel gebutt...

an eiser Nr. 129 hate mir eng Lëscht Ausdréck bruecht, mat deene muttwëlles Gebrauchs-Lëtzebuergesch futti gemaach gëtt; hei sinn se nach eng Kéier, mat 'Lösung', fir weider ze iwwerleeën, erauszschneiden, mat aneren driwwer ze diskutéieren.

Mir maachen eng 'Propos', déi ower net déi eenzeg méiglech oder richtig muss sinn.

Abschiedsfeier **Pensionsfeier**
absichtlich **express**
alueden **invitéieren**
Aluedung **Invitatioun**
Ameis **Seejomes**
andauernd **an engem Stéck**
anständig **zerguttst**
Angebot **Offert**
auskennen, sech **kënneg sinn**
ausserhalb **baussent**
barsch **queesch**
Baustell **Schantgen**
Bequem **kamoud**
besichtigten **kucke goen**
Besteck **Läffelsgeschie**
Bettduch **Ländech**
Bouchée **Paschtéitchen**
den Haushalt **Stot**
Eichhörnchen **Kaweechelchen**
Eidechs **Omes**
erschrecken **erféieren**
Fernseh **Télee**
flüchten **fortlafen**
Gäizhals **Kneckert**
Gediechtnes **Verhalt**

geschmeideg **gewieweg**
gläichzäiteg **anengems**
Gurt **Rimm**
humpelen **hippen**
Igel **Kéisécker**
innerhalb **bannent**
insgesamt **am Ganzen**
Käfer **Kiewerlek**
knuspereg **kruppseg**
Läichnahm **Läich**
Laitue **Heederzalot**
lecker **genëseg**
Metzger **Metzler**
Narb **Läinzechen**
nörgelen **kregeilen**
Nuque **Akaul**
oft **dacks**
Pickel **Pautsch**
pingeleg **kriddeleg**
Rassel **Rësel**
Regal **Stellage**
Rouestand **Pensioun**
sait/seit **zënter**
Sarg **Lued**
Sauerkraut **Sauermous**

Scheif **Rondel**
scheinbar **'t schéngt**
Schlamm **Bulli**
Schmetterling **Päiperlek**
Schmuck **Bijouën**
Schneck **Schleek**
schnell **séier**
Schnuller **Suckel**
selten **sielen**
stattfannen **sinn**
stolperen **trëllen**
stotteren **tuddelen**
Tankstell **T'statioun**
Trockner **Dréchner**
uschléissend **duerno**
uschwätzen **mat engem schw.**
Wëndelen **Lompen**
zahlreich **vill, zu vill**
Zahnstocher **Z'stëppeler**
zögern **zécken**
zréck **erëm, hannescht...**
zweifellos **ganz sécher**
Zwiwwelen **Ënnen**

...och Franséisch / Romanesch!

Typesch fir d'Lëtzebuerg Sprooch ass d'Mëschung vun den däitschen a franséischen Ausdréck, déi mir ganz natierlech gebrauchen: *Merci, Invitatioun, Bougie, Trottoir, Talong/Tallek, Fotell, Forchett, pardon, Turneviss, Giddo, Rideau* asw... mä och hei gëllt natierlech de Sproch: **«Zevill an net genuch si keng Moossen!»**

Leider, leider kréie mir ower duerch déi 20 däitschsproocheg TV-Programmen ëmmer méi de Reflex, kéipweis pur däitsch Ausdréck ze gebrauchen, wou déi franséisch zënter Generatiounen geholl si ginn. **Firwat 'luede' mir z. B. elo op eemol een an?** Solle mir net léiwer de Plënerleit dat iwwerloossen, déi de Camion (net de 'Lastwon')... lueden.

Villes ass eng Saach vu Gespier a Fangerspëtzegefill. Et kënt een et bal 'Sproochspëtzegefill' nennen, gelldir. Heimat soll kee Fanger gemaach ginn, just e klenge Juppert, fir sech déi Saach emol mat guddem Wëll duerch de Kapp goen ze loossen. ■ P.W.